JONK SOZIALISTEN

# Ee Joer nom 7. Oktober: Schluss mat den eidele Friddensfuederungen vun eiser Regierung

Um Joresdag vun den Attacken um 7. Oktober sinn der JSL hir Gedanke bei allen zivillen Affer an hire Familljen aus dem ganzen Noen Osten.

**D'Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister Haut de Moien um Radio 100,7 an op RTL hunn eis schockéiert. Déi international Communautéit als "en décken Hond, deen net bäisse kann" duerzestellen weist eemol méi ewéi wéineg politesch Volontéit do ass fir de Konflikt am Noen Osten op en Enn ze bréngen. Lëtzebuerg hat laang eng staark aussepolitesch Stëmm an Europa. Haut héiere mir just nach inhaltlsosen BlaBla.**

Ee Joer nom barbareschen Ugrëff vun der Terrororganisatioun Hamas an Israel, den 1200 onschëllegen Zivilisten d'Liewe kascht huet, ass d'Situatioun no der israeelescher Interventioun am Libanon d'läscht Woch endgülteg zum Krich an der Regioun eskaléiert.

Israel huet d'Recht sech géint all Attacken ze verteidegen. No 365 Deeg an deenen dat internationaalt an humanitäert Recht absolut violéiert gouf, beleeft sech de Bilan vun der riets-extremer Regierung vum Benjamin Netanjahu op:

- **méi ewéi 40 000 Doudeger an der Gazasträif,**
- **méi ewéi 2 000 Affer am Libanon,**
- **an nach ëmmer 101 israeelesch Geiselen a Gefaangenschaft vun der Hamas.**

D'Zil vum Benjamin Netanjahu a senge Koalitiounspartner loung ni doran d'Sécherheet vun den eegene Bierger an d'Fräiloossung vun den israeelesche Geiselen ze garantéieren. Hiert eenzegt Zil ass et Haass  a Leed bei den nächste Generatiounen ze verbreeden, fir weiderhin e Grond ze hunn hir genozidär a kolonialistesch Politik virunzeféieren.

Fir all weider Eskalatioun ze verhënneren, d'Fräiloossung vun de Geiselen ze erreechen, Stabilitéit an der Regioun ze retabléieren, an enger Zwee-Staaten-Léisung méi no ze kommen, brauch et konkreten Drock op déi israelesch Regierung.

**Dofir fuedert d'JSL, dass d'Lëtzebuerger Regierung:**

- **sech, ewéi Frankräich, bei senge Partner asetzt fir d'Liwwerungen vun offensive Waffesystemer un Israel auszesetzen.**

JONK
SOZIALISTEN

- déi iresch a spuenesch Propose fir d’Aussetzen vum Accord d'Associatioun Israel-EU  am Conseil vun der EU ënnerstëtzt.
- duerleet, wéi Lëtzebuerg sécherstelle wëll d’UN-Resolutioun vum 18. September zur Besatzung vu Palestina ze respektéieren.
- endlech, ewéi 146 aner Länner, de Staat Palestina unerkennt mat de Grenzen esou wéi se an der UN Resolutioun 58/292  definéiert goufen.